ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 11. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un den Här Minister vun der ëffentlecher Funktioun weiderzeleeden.

Vertrieder vun der Regierung hunn de 17. Juni 2019 mat der CGFP an de Personalvertriedunge vun der groussherzoglecher Police en Ofkommes ënnerschriwwen. Dëst betrëfft d'Aarbechtszäitreegelung an der groussherzoglecher Police a verschidde Kompensatiounsmoossnamen. D'Signatairë vun dësem Ofkommes goufen sech eens, datt Leit déi u Rapatriement- oder Extraditiounsmissiouen asw. deelhuelen, eng Indemnitéit vun 5,10 Punkte pro Dag kréie sollen, wann esou Missioune méi wéi 24 Stonnen daueren. Souwäit der ADR dat bekannt ass, huet d'Regierung dee Punkt vum Ofkommes bis elo net agehalen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un déi Häre Ministeren:

1. Goufe säit der Ënnerschrëft vun dësem Ofkommes - 17. Juni 2019 - sou Rapatriement- oder Extraditiounsmissiouen asw. assuréiert?
2. Wa jo, wéi vill Leit ware wärend wéi vill Deeg bei sou Missiounen am Asaz?
3. Gouf de betraffene Leit d'Indemnitéit vun 5,10 Punkte pro Dag ausbezuelt?
4. Wann nee, firwat net?
5. Wéi héich ass de Gesamtbetrag vun deenen Indemnitéite fir esou Missiounen?
6. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir datt de betraffene Leit déi an Aussicht gestallten Indemnitéit sou schnell wéi méiglech réckwierkend ausbezuelt ka ginn?
7. Wien ass verantwortlech fir de Retard vu geschwënn zwee Joer bei der Ëmsetzung vun dësem Punkt vum Ofkommes?
8. Stëmmt et, datt den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet virun etleche Méint schrëftlech vun enger Gewerkschaft op dëse Mëssel opmierksam gemaach gouf?
9. Stëmmt et weiderhin, datt den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet net op dëse Bréif reagéiert huet?

10. Wa jo, ass de Fakt, datt eng Personalvertriedung ignoréiert gëtt, wann si den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an engem Bréif schréftlech op sou ee Mëssel hiweist, dat richteg Zeeche fir dee vun him ëmmer erëm an d'Vitrinn gestallten Dialog mat de Personalvertriedungen?
11. Ass den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet net der Meenung, datt hien duerch sou Zeeche selwer Schold un der schlechter Kommunikatioun an der groussherzoglecher Police ass?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten